





DEBUET

BULLETIN D'INFORMATION
NOVEMBRE - DÉCEMBRE 2025

DONDELANGE | KEHLEN | KEISPELT | MEISPELT | NOSPELT | OLM





Boutique Mim'z *by Julie*, shoes & accessories

Chaussures Pomme d'Or, Scapa, Gianluca Pisati, Pantanetti, L'Arianna, 0-105, Serafini, Candice Cooper, Gianmarco Sorelli, Legazelle,...

Sacs Berthille, Charles & Charlus, Gianni Chiarini,...

Foulards et écharpes Christian Lacroix, Mala Alisha, Ordi.to,...

Offre exclusive – 20%

Élégance italienne ou sophistication française, nous avons ce qu'il vous faut pour sublimer votre style ! Venez profiter de cette offre exceptionnelle dès aujourd'hui et ce jusqu'au 31 décembre 2025.

* Sur présentation de ce bon en boutique ** Offre non cumulable avec d'autres promotions



22, Avenue de la Porte-Neuve
L-2227 Luxembourg
Tél : 27 40 81 55
Site : www.mimz.lu



SOMMAIRE

4-5*Édito***6-13***Dossier***14-17***Interview***18-19***Vie associative***20-29***Contenu externe**Administration de la gestion de l'eau**Klima-Agence**Schoulsak-Aktioun**Sicon**D'Georges Kayser Altertumsfuerscher**Kanner an Familljenhëllef**SuperDrecksKëscht®**Youth & Work**Klimabonus***34-37***Communication***38-53***Conseil communal***30-31***Juki***54-55***Rétrospective***32-33***Événements***56-58***Numéros utiles*

Photo couverture © Shutterstock

IMPRESSUM

« Buet » est un bimestriel édité par la Commune de Kehlen.
15, rue de Mamer
L-8280 Kehlen

Tél.: (+352) 30 91 91 1

Web: www.kehlen.lu

E-mail: buuet@kehlen.lu

Comité de rédaction:

Commune de Kehlen, Repères Communication

Concept et réalisation:

www.reperes.lu

Tirage: 2 950 exemplaires

Impression: Reka Print



Wat laang dauert...

Léif Awunner, reegelméisseg gëtt een drop ugeschwat firwat d'Gemengechantieren esou laang dauere resp. mat der Ëmsetzung nach net ugefaange ginn ass.

Et ass mir wichteg an dëse puer Zeilen e wéineg fir Opklärung ze suergen.

Mir hunn eis op de Fändel geschriwwen, d'Liewensqualitéit vun de Bierger aus der Gemeng z'erhale respektiv z'erhéijen, eise Patrimoine, esouwäit méiglech ze respektéieren an de Veräiner aktiv zur Säit ze stoen, dëst alles ënnert dem Sigel vun der Nohaltegkeet an am Respekt virun de nächste Generatiounen. Dat ass ee gewaltegen Opdrag, an deem een och net duerf vergiessen dass um Enn vum Dag nach eppes an der Keess muss sinn.

Mir gi weiderhi mat grousser Schrëtt a Richtung Verkéiersberouegung. An eenzelnen Dierfer ass dëst scho geschitt oder ass amgaangen ze geschéien.

Dee gréisste Chantier ass hei sécher déi nei 30er Zon zu Kielen wou d'Aarbechten sech iwwert Méint strecke mee, esou wéi et elo ausgesäit, virun Enn des Joers fäerdeg sinn.

Och hu mir an der Hallschent vum Joer ee kompletten Dossier um Ministère agereecht, wou eis konkret Virstellung vum Contournement Kielen dra sinn.

Entrevuen dozou mat de Verantwortleche sinn nach virun Enn des Joers.

Och si mir an de leschte Joren higaangen an hunn an den Duerfzentren al Bausubstanze kaaft. Eis ass et wichteg eng „mainmise“ ze hunn op dat wat matten an den Dierfer realiséiert gëtt. Mëttel-a laangfristeg ass ugeduecht Duerfzentren erëm méi mat Liewen ze fëllen an och do verkéiersberouegend ze wirken.

2 Projeten déi an deem Kontext deemnächst entaméiert ginn ass den „Haff Elcheroth“ an de „Café Lippert“ zu Kielen.

Den Haff gëtt eng Annexe vun der Gemengenadministratioun a beim „Lippert“ kënne mir endlech dëst Joer ufänken, no-deems och all di architektonesche Analysen ofgeschloss goufen.

De Komplex „Wies“ gehéiert och der Gemeng, mee do wäert et sécher nach dauere bis ee konkrete Projet um Dësch läit.

Zu Nospelt si mir Proprietär vun 2 markante Substanzen, de „Schockweilerhaff“ an dem „Peickes“ säin Haus.



Foto Marc Schmit

Et ass gutt dat dëst an eise Besët ass an iergendwann geschitt och hei neit Liewen, mee dat mécht sech net vun haut op Muer zumools wann ee bedenkt wat finanziell néideg ass fir aalt Gemaier ze sanéieren.

Eis Prioritéite sinn awer den Ament bei eise jéngsten Awunner, eise Schoulkanner.

D'Schoul op Elmen geet mat enger liichter Verspéidung Ugangs Januar 2026 op.

Da gëtt deem ale Komplex zu Kielen direkt sanéiert a mir ginn dervun aus, dass den Ufank vun de Bauaarbechte fir d'Schoulschwemm Mëtt 2027 wäert sinn.

Dëst sinn e puer vun eise Schantercher, di eis nieft dem „daily business“ all Dag beschäftegen.

Heiansdo wëlte mir och et géif méi séier goen, mee mir mussen och oppassen dass mir mat eise Ressourcen esou schaffen, dass si et och packen, an net zulescht musse mir eis finanziell der Decken no strecken.

Et ass eben aus der genannte Grënn net alles esou séier méiglech wéi erwënscht.

Dat Wichtigst ass, di mëttel a laangfristeg Planung net aus den Aen ze verléieren, an all Dag wann och nëmmen heiansdo, mat klenger Schrëtt, eng Grëtz virun ze kommen.

An deem Sënn ëmmer erëm Merci fir äert Versteedemach an är Gedold a mat iech zesumme schaffe mir esou un enger weiderhin nach mei liewenswäerter Gemeng.

Félix Eischen
Buergermeeschter

Tout vient à point... à qui sait attendre

Chers habitants, souvent vous me demandez pourquoi les chantiers de la commune prennent tellement de temps ou n'ont pas encore été lancés. Je vais essayer, en quelques lignes, de vous apporter quelques éclairages. C'est important pour moi.

Nous nous sommes donné pour mission de préserver voire d'améliorer la qualité de vie dans notre commune, de respecter notre patrimoine, dans la mesure du possible, et d'aider activement nos clubs et associations, le tout dans un souci de durabilité et de respect envers les générations futures. C'est en réalité une mission colossale et il faut veiller, en fin de course, à continuer à disposer de finances solides.

Nous avançons à grands pas dans le domaine de l'apaisement de la circulation. Plusieurs mesures ont déjà été mises en œuvre ou sont en cours de réalisation dans certaines localités.

Le plus grand chantier, c'est certainement l'aménagement de la zone 30 à Kehlen. Les travaux durent depuis plusieurs mois déjà, mais devraient être finalisés d'ici la fin de l'année.

Au cours du premier semestre, nous avons soumis un dossier complet au Ministère qui comprend nos plans concrets sur le contournement de Kehlen.

Des entretiens avec les responsables sont prévus avant la fin de l'année.

Ces dernières années, nous avons veillé à acquérir des bâtiments situés au cœur des localités. Il est important d'avoir une mainmise sur les projets à réaliser au centre des villages. À moyen et à long terme, nous comptons revitaliser les centres des villages, les remplir de vie et y apaiser la circulation.

Dans ce cadre, deux projets seront bientôt lancés : « Haff Elcheroth » et « Café Lippert ».

La ferme deviendra une annexe de l'administration communale et nous pourrons enfin lancer le projet « Lippert », dès que les analyses architecturales auront été conclues.

Le complexe « Wies » appartient aussi à la commune, mais il faudra encore patienter jusqu'à la présentation d'un projet concret.

À Nospelt, nous sommes propriétaires de deux bâtiments importants : la ferme « Schockweilerhaff » et la maison de « Peickes ».

Il est bon que ces bâtiments soient maintenant en notre possession. Un jour, ces espaces seront à nouveaux remplis de vie, mais cela ne se fera pas du jour au lendemain, surtout si l'on pense aux moyens financiers qu'il faudra débloquer pour assainir ces bâtiments.

Mais, en ce moment, nous accordons la priorité à nos plus jeunes habitants, c.à.d. nos élèves.

À Elmen, l'école ouvrira ses portes début 2026, avec un léger retard. Le complexe à Kehlen sera immédiatement rénové et nous pensons que le chantier de la piscine scolaire pourra démarrer à la mi-2027.

Voilà seulement quelques-uns des chantiers qui nous occupent, à côté des affaires courantes.

Nous aussi, nous aimerions bien que les chantiers avancent plus vite, mais nous devons aussi faire attention à la manière dont nous utilisons nos ressources, pour que les projets puissent être menés à bien, parce que finalement ce sont nos moyens financiers que nous engageons.

Pour toutes ces raisons, les choses n'avancent pas toujours aussi vite comme on pourrait le souhaiter.

Le plus important, c'est de toujours garder à l'esprit la planification à moyen et à long terme et d'avancer par petits pas, jour après jour.

En ce sens, je vous remercie encore une fois pour votre compréhension et pour votre patience. Ensemble, nous continuons à œuvrer pour une commune où il fait bon vivre et où la qualité de vie n'en sera que meilleure à l'avenir.

Félix Eischen
Bourgmestre

Nei Schoul Elmen



Rédaction **Claude Adam**
 Photos **Michelle Bingen, Gemeng Kielen**

De Paul Bodson, Schoulpresident, an d'Véronique Maas, Sekretärin vum Schoulkomitee, am Gespréich.



Wéi sidd Dir an d'Plange vun der neier Schoul agebonne ginn?

Dem Architekt seng Grondpläng lounge schonn um Dësch, d'Struktur vum Gebai war festgeluecht, mee mir konnten iwwert d'Organisation vun de Raim, d'Miwwelen an d'Gestaltung matdiskutéieren. Et war eis wichteg, datt d'Schoul un de reellen Alldag ugepasst gëtt.

Wat waren déi grouss Erausforderungen?

D'Fläch, wou d'Schoul drop gebaut gouf, ass relativ kleng, et huet also misse kompakt gebaut ginn. De Schoulhaff ass als Bannenhaff ugeluecht a bitt net esou vill Plaz wéi zu Kielen, duerfir musse mir d'Pausen decaléieren. Mir krute vum Architekt verséichert, datt et de Schoulbetrib net géing stéieren, wann déi Kleng am Haff sinn an déi Grouss nach schaffen.

Wéi eng Virdeeler bréngt déi nei Schoul?

Mir hunn elo richteg flott Schoulsäll, si si grouss an hell an all Sall huet eng Annexe. Mir hu genuch Plaz fir all Aktivitéiten, déi an enger Schoul ufalen. Dat bitt de Kanner eng modern Léierëmwelt a verbessert d'Aarbechtskonditiounen vum Personal.

Wéi gesäit d'Zukunft vun de Schoulen an der Gemeng Kielen aus?

De Plang ass, ab 2029/30 zwee getrennte Schoulsitten ze hunn: All Kanner aus Ollem ginn op Elmen, déi aner aus der Gemeng op Kielen an d'Schoul. Déi Decisioun hu mer eis gutt a grëndlech iwwerluecht. Mir hunn och aner Iddien diskutéiert, wéi eng Trennung no Cyclen, mee dat hätt en enormen Transportopwand mat sech bruecht an hätt et den Elteren net méi einfach gemaach. Esou hu mir eng kloer an zukunftsorientéiert Léisung.

Freet Dir Iech op déi nei Schoul?

Absolut! Eng nei Schoul ass ëmmer e grouse Motivatiounskick. Mir schaffen net méi a provisoresche Raim, mee an adequate, moderne Säll. Dat bréngt nei Energie a Loscht – fir d'Kanner an och d'Enseignantinnen.

Ass schonn alles prett fir de Januar?

Et war en zimmlechen Challenge, fir eis Stonnepläng opzestellen, well mer jo mam Bus vun Elmen an d'Sportshal musse fueren an d'Kanner op dräi Plazen an d'Schwemm gefouert ginn (Mamer, Stengefort a Stroossen). Och de Schoultransport gouf fir de Januar 2026 komplett nei organiséiert. Donieft ass et net evident, am Laf vum Schouljoer ze plënnere. Mee mir hunn eis gutt virbereet a mir si sécher, datt de grouse Start de 5. Januar 2026 reiwungslos wäert klappen!





„Mir freeën eis op déi nei Raimlechkeeten an déi vill besser Aarbechtskonditiounen“

NEI MAISON RELAIS ZU ELMEN – ENTLAASCHTUNG FIR KANNER, ELTEREN A PERSONAL

D'Maison Relais zu Elmen mécht am Januar hir Dieren op. D'Luciane Gelhausen an d'Bérénice Joachim, Chargées de direction vun de Betreuungsstrukturen an der Gemeng Kielen, erzielen am Gespréich, wéi wichteg dës Infrastrukture fir d'Gemeng Kielen sinn a mat wéi engen Erausforderungen si sech konfrontéiert gesinn.

Sidd Dir frou, wann d'Maison Relais Elmen am Januar hir Dieren opmécht?

Jo, mir freeën eis immens drop. Dëse September hate mir vill schwéier Momenter, well mer net genuch Plazen haten. Am Primär hu mir bal 60 Kanner net kënnen unhuelen. Dat war fir vill Elteren eng grouss Erausforderung a mir sinn eis deem ganz bewusst.

Dat heescht, ab Januar gëtt d'Situatioun besser?

Absolut. Vun do un hu mir genuch Plaz, fir all Kand unzehuelen, fir dat d'Elteren eng Demande gemaach hunn. D'Maison Relais zu Elmen bitt modern a flott Raimlechkeeten – dat freet d'Kanner an et freet och eis Betreuerinnen.

Konnt Dir och bei de Pläng matwierken?

Jo, mir waren a villen Aarbechtsgruppen dobäi. Et war eis wichteg, och d'Kanner ze froen, wéi si sech hir nei Maison Relais virstellen. Mir hunn heiansdo aner Besoinen a Vuen ewéi d'Schoulpersonal, mee d'Planungsphas huet gewisen, datt een zesumme vill beweegen kann. D'Schoul an d'Maison Relais si sech esou och méi no komm.

Wat sinn d'Erausforderunge vun der neier Maison Relais?

D'Personal freet sech, mee natierlech si mir och gespaant, wéi et am Alldag wäert ginn. Déi nei Struktur muss vum éischten Dag u funktionéieren. Eng grouss Erausforderung ass d'Ëmstellung vum Bustransport. Mir maachen eis och Gedanken iwwert de Verkéier zu Elmen: Et ginn zwar genuch Parkplazen, mee wa vill Eltere gläichzäiteg hir Kanner bréngen oder ofhuele kommen, kann et zu Stau kommen. Och fir d'Personal sinn d'Froen iwwert de Parking nach net ganz gekläert.

Dir sidd awer optimistesche fir de Januar?

Jo, ganz kloer! Mir freeën eis op déi nei Raimlechkeeten an déi vill besser Aarbechtskonditiounen. Am wichtegsten: mir musse kengem Elterendeel méi ofsoen. An der neier Maison Relais zu Elmen hu mir endlech genuch Plaz fir all Kand aus der Gemeng Kielen. Elo musse mer just hoffen, datt mer genuch Personal fir d'Maison Relais fannen, fir d'Kanner dem gesetzleche Betreuungsschlüssel no ze encadréieren!

Maison Relais an der Gemeng Kielen

An der Maison Relais vun der Gemeng Kielen (SEA-Services d'éducation et d'accueil) ware fir d'Rentrée insgesamt 647 Kanner ageschriwwen, déi méi oder manner laang vun der Strukture profitéieren.

An dem SEA Kielen schaffen

An der Maison Relais Ollem:
9 Mataarbechter à 7 ETP
(Équivalent temps plein)

An der Maison Précoce Kielen:
10 Mataarechter à 7 ETP

An der Maison Relais Spillschoul Kielen: 16 Mataarbechter à 12 ETP

An der Maison Relais Primär Kielen:
36 Mataarbechter à 29 ETP

An Januar wiesselen eng Rei Mataarbechter*innen an d'Maison Relais Elmen, an et ginn och nach nei Mataarbechter*inne gesicht.



5

D'Schoulen an der Gemeng Kielen

691 Kanner si bei der Rentrée 2025/26 an der Gemeng Kielen an d'Schoul gaang (Précoce, Spillschoul a Primärschoul).

Si gi vun 68 Enseignanten encadréiert, déi zesummen 1.277,25 Unterrechtsstonnen d'Woch prestéieren.

Dobäi kommen nach:
6 Educatrices am Précoce,
2 A-EBS-Enseignanten
(assistants pour élèves à
besoins éducatifs spécifiques)
a 4 Assistants en classe.

Gespréich mam Nadine Tibor, Presidentin vum Elterekomitee

**D'Presidentin vum Elterekomitee weist sech
frou iwwert déi nei Schoul:**

„Et ass an der Vergaangenheet vill diskutéiert ginn an d'Richtung huet heiansdo gewiesselt. Mir sinn als Eltere frou, datt mer elo wëssen, wéi et mat der Schoul an Zukunft weidergeet. Dat ass fir eis wichteg a berouegend. Mir freeën eis, datt eis Kanner elo an ee schéint neit Gebai kënnen goen, an et gëtt och wierklech héich Zäit, datt déi Kielener Schoul renovéiert ka ginn.“

Trotzdeem ginn et nach e puer Suergen:

„Suerge maache mir eis, ob mat de Bussen alles klappt – dat kéint an der Iwwergangszäit nach e bësse problematesch ginn. Eng Rëtsch Kanner kënnen elo och net méi zu Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul kommen. De Verkéier kéint virun allem bei der Maison Relais schwéier ginn. Mol kucken, wéi dat an der Praxis funktionéiert.“

Positiv ervirgehewe gëtt och d'Kooperatioun:

„D'Zesummenaarbecht mam Schoulkomitee a mat der Gemeng huet gutt geklappt. Mir kréien elo rëm Rou an d'Schoul, wat menger Meenung no ganz wichteg ass. Ech wënschen dem neigewielten Elterekomitee weiderhin ee gutt Zesummeschaff mam Léierpersonal, de Leit vun der Maison Relais an der Gemeng.“

Legende:

1. Ab dem 5. Januar 2026 ginn an der neier Schoul zu Elmen 375 Kanner an 23 Klassenäll ënnerriicht.
- 2.+3. D'Véronique Maas, Sekretärin vum Schoulkomitee an de Paul Bodson, Schoulpresident, freeën sech op verbessert Aarbechtskonditiounen zu Elmen.
4. Déi nei Maison Relais huet elo genuch Plaz fir all Kand unzehuelen, sou d'Luciane Gehlhausen an d'Bérénice Joachim, Chargées de direction vun de Betreungsstrukturen an der Kielener Gemeng.
5. Fir d'Nadine Tibor, a hirer Funktioun als Presidentin vum Elterecomité, war déi gutt Zesummenaarbecht mam Schoulkomitee wichteg, fir vill Saachen an der neier Schoul konnten ëmzesetzen.

La nouvelle école à Elmen

Conversation avec Paul Bodson, président de l'école et Véronique Maas, secrétaire du comité d'école.

Comment avez-vous été impliqués dans la planification de la nouvelle école ?

Les plans de l'architecte étaient déjà sur la table, la structure du bâtiment avait déjà été définie, mais nous avons pu participer aux débats sur l'organisation des salles, le mobilier et l'aménagement. Pour nous, il était important que l'école soit adaptée aux réalités du quotidien.

Quels ont été les principaux défis ?

La surface sur laquelle l'école a été bâtie est relativement restreinte. Il a donc fallu construire de manière compacte. La cour de récréation est une cour intérieure et n'offre donc pas autant d'espace que celle à Kehlen, c'est pourquoi nous avons dû décaler les pauses des élèves. L'architecte nous a assuré que cela ne perturberait pas le fonctionnement de l'école, si les petits jouent dans la cour de récréation tandis que les grands travaillent en classe.

Quels avantages présente cette nouvelle école ?

Nous disposons maintenant de belles salles de classe, grandes et lumineuses. En outre, chaque salle comprend une annexe. Nous avons maintenant assez de place pour pouvoir organiser toutes les activités importantes pour une école. Les enfants bénéficieront d'un environnement d'apprentissage moderne et le personnel profitera de meilleures conditions de travail.

À quoi ressemblera l'avenir des écoles dans la commune de Kehlen ?

L'idée, c'est d'avoir deux sites scolaires séparés, à partir de 2029/2030. Tous les enfants qui habitent Olm iront à Elmen, les autres enfants de la commune fréquenteront l'école de Kehlen. Cette décision a été longuement réfléchie. Nous avons aussi examiné d'autres possibilités, p.ex. une répartition par cycles, mais cela aurait entraîné une charge de trafic colossale et n'aurait pas facilité la vie des parents. Maintenant nous avons une décision claire et orientée vers l'avenir.

Est-ce que cette nouvelle école vous réjouit ?

Oui, bien sûr ! Une nouvelle école, c'est toujours un grand élan de motivation. Nous ne travaillerons plus dans des locaux provisoires, mais dans des salles modernes et adéquates. Cela nous remplit d'énergie, cela nous donne envie - c'est vrai pour les enfants et pour le personnel enseignant.

Est-ce que tout est déjà prêt pour janvier ?

C'est un grand défi de fixer les emplois du temps, parce qu'il faudra prendre le bus à Elmen pour aller à la salle de sport et pour la piscine, déposer les enfants à trois endroits différents (Mamer, Steinfort et Strassen). Le transport scolaire a dû être complètement réorganisé pour janvier 2026. Et ce n'est pas évident de déménager en cours d'année. Mais nous nous sommes bien préparés et je suis convaincue que le grand départ le 5 janvier 2026 se fera comme sur des roulettes !



NOUVELLE MAISON RELAIS À ELMEN – UN SOULAGEMENT POUR LES ENFANTS, LES PARENTS ET LE PERSONNEL

La maison relais à Elmen ouvrira ses portes en janvier prochain. Luciane Gelhausen et Bérénice Joachim, chargées de direction des structures d'accueil de la commune de Kehlen, nous expliquent l'importance que revêtent ces infrastructures pour la commune de Kehlen et les défis auxquelles elles sont confrontées.

Est-ce que vous vous réjouissez de l'ouverture de la maison relais à Elmen en janvier ?

Oui, énormément. En septembre, nous avons traversé beaucoup de moments difficiles, parce que nous n'avions pas assez de places d'accueil. Au niveau de l'école primaire, nous avons pu accepter presque 60 enfants. C'était un grand défi pour de nombreux parents et nous en sommes tout à fait conscientes.

À partir de janvier, la situation va-t-elle s'améliorer ?

Oui. À partir de janvier, nous pourrons accueillir chaque enfant, dont les parents auront fait la demande. La maison relais à Elmen offre des locaux modernes et conviviaux - pour le plus grand plaisir des enfants et du personnel encadrant.

Avez-vous pu participer à l'élaboration des plans ?

Oui, nous avons participé à plusieurs groupes de travail. Pour nous, il était important de consulter aussi les enfants, de leur demander quels étaient leurs souhaits pour leur nouvelle maison relais. Parfois, nous avons d'autres besoins et d'autres points de vue, par rapport au personnel scolaire, mais la phase de planification a montré que l'on peut faire beaucoup de choses en agissant ensemble. L'école et la maison relais se sont ainsi rapprochées.

Quels sont les défis de la nouvelle maison relais ?

Le personnel est enthousiaste, mais bien sûr nous nous demandons comment cela fonctionnera au quotidien. La nouvelle structure devra être opérationnelle dès le premier jour ! Un grand défi, ce sera le transport en bus. Le trafic à Elmen nous préoccupe aussi. Il existe suffisamment de places de stationnement, mais si beaucoup de parents déposent ou viennent chercher leurs enfants au même moment à l'école, cela risque de créer des embouteillages. Les questions de stationnement ne sont pas encore complètement réglées pour le personnel non plus.

Vous restez optimiste malgré tout ?

Oui, bien sûr ! Nous nous réjouissons de pouvoir travailler dans de nouveaux locaux, nos conditions de travail y seront bien meilleures. Le plus important : nous ne devrons plus refuser des demandes. La nouvelle maison relais à Elmen offre suffisamment de places pour pouvoir accueillir chaque enfant de la commune de Kehlen. Il faut juste espérer que nous arriverons à trouver suffisamment de personnel, pour que les enfants puissent profiter du taux d'encadrement prévu par la loi.



Maison relais de la commune de Kehlen

À la maison relais de la commune de Kehlen (SEA-Services d'éducation et d'accueil) 647 enfants au total étaient inscrits au moment de la rentrée, avec une durée de fréquentation variable.

Les SEA de Kehlen comprennent les structures suivantes

La maison relais d'Olm emploie 9 collaborateurs à 7 ETP (équivalents temps plein)

La maison précoce de Kehlen emploie 10 collaborateurs à 7 ETP

La maison relais, section école maternelle, de Kehlen emploie 16 collaborateurs à 12 ETP.

La maison relais, section école primaire, de Kehlen emploie 36 collaborateurs à 29 ETP.

En janvier, plusieurs membres du personnel seront affectés à la maison relais à Elmen et en parallèle, du personnel supplémentaire sera recruté.

« Je souhaite une excellente coopération au nouveau comité des parents avec le personnel enseignant, la maison relais et la commune »

Les écoles de la commune de Kehlen

Au moment de la rentrée scolaire 2025/2026, l'école de Kehlen (maison précoce, école maternelle, école primaire) a accueilli au total 691 enfants, encadrés par 68 enseignants, assurant ensemble 1277,25 heures de cours par semaine.

Et en plus:
6 éducatrices au précoce,
2 assistants pour élèves à besoins éducatifs spécifiques
et 4 assistants en classe.

Entretien avec Nadine Tibor, présidente du comité des parents

La présidente du comité des parents est enthousiaste à propos de la nouvelle école :

« Il y a eu beaucoup de débats sur cette question, y compris des changements de cap. En tant que parents, il est bon d'en savoir plus maintenant sur l'avenir de cette école. C'est important pour nous, cela nous rassure. Nous sommes ravis que nos enfants bénéficieront désormais d'un bâtiment neuf et beau. Et il est vraiment grand temps que l'école de Kehlen puisse être rénovée. »

Malgré cela, quelques inquiétudes subsistent :

« Nous nous demandons si le transport en bus fonctionnera bien, la phrase transitoire risque en effet d'être un peu chaotique. Plusieurs enfants ne peuvent plus se rendre à l'école à pied ou à vélo. La circulation autour de la maison relais risque d'être difficile. Nous verrons comment les choses se passeront dans la pratique. »

Parmi les points positifs, la présidente souligne aussi la coopération :

« La coopération avec le comité d'école et avec la commune a bien fonctionné. Maintenant, ce sera à nouveau un peu plus calme, ce qui, selon moi, est très important. Je souhaite au comité des parents, fraîchement élu, une excellente coopération avec le personnel enseignant, le personnel de la maison relais et la commune. »



Légende:

1. Toutes les salles de classe ont été conçues de manière à répondre aux besoins et aux réalités du quotidien.
2. Paul Bodson, président de l'école, et Véronique Mass, secrétaire du comité d'école, ont activement participé aux discussions concernant l'organisation des salles, le choix du mobilier et l'aménagement des espaces.
- 3-4. Luciane Gelhausen, Bérénice Joaquim ainsi que l'ensemble de leurs équipes expriment leur satisfaction et leur enthousiasme à l'idée de pouvoir travailler dans ces nouveaux locaux.
5. Nadine Tibor, présidente du comité des parents, a exprimé quelques préoccupations quant à l'organisation du transport par bus durant la phase transitoire.

Kevin Urbing

Conseiller communal

Interview/Rédaction **Jeanne Adam** Photos **Jerry André**

Entdeckt an dëser Ausgab den CSV-Politiker Kevin Urbing, deen den 18. Juli an de Gemengerot nogeréckelt ass.

Newcomer

Kevin Urbing
Politiker

Den Här Urbing huet sech schonn ëmmer fir Politik interesséiert an huet och scho laang eng CSV-Memberskaart. 2023 ass hien eng éischte Kéier mat an d'Gemengewale gaang. Am Juli 2025 ass hien no der Demissioun vum Här Kockelmann als Nächstgewielten op der CSV Lëscht an de Gemengerot nogeréckelt. Hien ass Sekretär vun der Kommissioun fir Verkéier an douce Mobilitéit, Member an der Sportskommissioun, der Ëmwelt- an Energiekommissioun an am Grupp Jumelage. Hien ass och de Vertrieeder vun der Gemeng am Ofwaassersyndikat SIDERO.



Här Urbing, wéi ass Äre Wee an d'Politik verlaf?

Ech hu mech schonn ëmmer fir Politik interesséiert an hunn och scho laang eng CSV-Memberskaart. An der CSV fannen ech déi Wäerter erëm, déi mir wichteg sinn. An dann hu mir och eng super Equipe hei zu Kielen. Déi gutt Ambiance huet mech motivéiert, Gemengepolitik huet mech fasziniert. Politik ass jo ëmmer och eng Geschicht mat an ëm Mënschen: zesumme schaffen, diskutéieren, heiansdo och streiden, mee am Endeffekt eppes Positives fir d'Leit erauszeschloen – dat huet mech ëmmer gepaakt.

„Aller Anfang ist schwer“, wéi erlieft dir Äre Start am Conseil?

Ech sinn net an d'kaalt Waasser gehäit ginn. Zënter de leschte Gemengewale wosst ech, datt ech géing an de Gemengerot noréckelen. Ech war déi lescht zwee Joer ëmmer bei den Diskussiounen derbäi, mat de Membere

vun eiser Fraktioun am Gemengerot. Ech konnt nolauscheren a matschaffen a weess duerfir iwwer vill Dossiere gutt Bescheid. Et war eng gutt Schoul, wou ech konnt vill léieren a mech aschaffen.

Ginn et schéi Momenter an der Politik?

Dee schéinste Moment war fir mech, wéi mer am Team de Walprogramm fir eis Gemengewalen ausgeschafft hunn – an dunn och mat Erfolleg aus deene Walen erausgaange sinn! Et war kloer, datt ech géing noréckelen an ech hunn och keen Zweifel opkomme gelooss, datt ech mäi Mandat géing unhuelen.

Découvrez dans cette édition Kevin Urbing, politicien du CSV, qui a intégré le conseil communal le 18 juillet.

Kevin Urbing
Vie politique

Il s'est toujours intéressé à la politique et est membre du parti CSV depuis longtemps. En 2023, il s'est présenté pour la première fois aux élections communales. En juillet 2025, après la démission de Monsieur Kockelmann, il a rejoint le conseil communal, car il avait obtenu le plus de voix aux élections, après son prédécesseur. Il est secrétaire de la commission consultative communale de la circulation et de la mobilité douce, membre de la commission consultative communale des sports, de la commission consultative communale de l'environnement et de l'énergie et du groupe jumelage. Il représente également la commune au syndicat SIDERO.

à côté des membres de notre groupe au conseil communal. J'ai pu écouter, contribuer et ainsi, comprendre les différents dossiers. C'était une bonne école, j'ai beaucoup appris et j'ai pu me familiariser avec de nombreux dossiers.

Monsieur Urbing, comment a commencé votre parcours dans le monde politique ?

Je me suis toujours intéressé à la politique et j'étais membre, depuis longtemps, du parti CSV. Dans ce parti, je retrouve les valeurs qui me tiennent à cœur. Et puis nous avons une équipe formidable ici à Kehlen. Cette bonne ambiance m'a motivé et la politique communale m'a toujours fasciné. La politique est toujours liée aux êtres humains et au travail avec les gens : travailler ensemble, débattre, parfois se disputer, mais en fin de compte aboutir à un résultat positif pour les gens - cela m'a toujours intéressé.

« Les débuts sont difficiles », comme on dit. Comment se passent vos débuts au conseil communal ?

Ce n'est pas comme si l'on m'avait jeté dans l'eau glacée. Depuis les dernières élections électorales, je savais que j'allais rejoindre un jour le conseil communal. Ces deux dernières années, j'étais toujours présent lors des débats,

Avez-vous vécu de beaux moments en politique ?

Le plus beau moment, pour moi, c'était l'élaboration, en équipe, du programme électoral pour les élections communales - et puis l'obtention d'un franc succès aux élections ! Il était clair que j'allais rejoindre le conseil communal et je n'ai laissé planer aucun doute sur le fait que j'allais accepter ce mandat le moment venu.

Est-ce qu'il y a eu aussi des moments moins réjouissants ?

Au niveau communal, pas vraiment. Sur le plan national, la coalition tripartite m'a fait mal. Trois partis se sont alliés pour évincer le parti CSV, c'était dur ! Mais je préféré penser à l'avenir, plutôt que de me morfondre sur le passé. Dans notre travail local, il vaut mieux se concentrer sur des solutions, plutôt que de s'énervier sur des histoires anciennes.

Gouf et och manner schéi Momenter?

An der Gemeng eigentlech net. Um nationale Plang huet mer déi Gambia-Geschicht déck gedoen. Dräi Parteien hu sech zesummegegedoen, fir d'CSV ewech ze kréien, dat war scho krass! Mee ech kucken am léifsten no vir, net no hannen. Och an eiser lokaler Aarbecht ass et besser sech op Léisungen ze konzentréieren, wéi sech iwwer all Geschichten opzereegen.

Gett et Leit an der Politik, déi Iech beandrockt oder beaflosst hunn?

Hei an der Gemeng war de Koche Luss esou ee Personnage. Hien huet dozou bäigedroen, datt ech fréi Member an der CSV gi sinn, hien huet mech gepräägt a war esou eppes wéi eng Pappfigur. An der nationaler Politik hunn ech ëmmer fonnt, datt de Jean-Claude Juncker ee grouse Politiker wier. Hien huet kee Blat virun de Mond geholl a viles fir eist Land realiséiert. Och seng international Autoritéit war beandrockend, eppes wat ee ganz kloer gespuert huet.

Wat sinn Är Dadaen an der Politik?

Ech well mech an der Gemeng engagéieren, net um nationale Plang, do hunn ech dann awer net déi néideg Zäit. Alles, wat de Sport betrëfft, ass mir wichteg. Ech freeë mech och drop, eis Chantieren an der Gemeng ze begleeten. Ech ka Pläng liesen a menge schonn, datt ech eis Equipe ka beräicheren. Och d'Integratioun vun eisen neie Bierger läit mir um Häerz. Duerch de Wuesstum kéinte mer soss hei iwwerrannt ginn. All Leit sollen sech wuel bei eis an der Gemeng fillen.

Ech sinn elo Sekretär vun der Kommissioun fir Verkéier an douce Mobilitéit, Member an der Sportskommissioun, der Ëmwelt- an Energiekommissioun an am Grupp Jumelage.

Kevin Urbing
privat

De Kevin Urbing vun Nospelt ass 40 Joer al an huet eng Duechter vun 12 Joer. Hien ass Schräinermeeschter an huet sech mat 25 Joer selbstänneg gemaach. Haut féiert hien ee Betrib mat 34 Mataarbechter. Laang Zäit war hien aktiv an de Veräiner (FC Kielen a Kielener Pompjeeën), déi Engagementen huet hien aus zäitleche Grënn opginn, wéi hien sech politesch engagéiert huet. Hie spillt ee- bis zweemol d'Woch Petanque mat Kolleegen a fiert och gäre Mountainbike.

Ech sinn och de Vertrieeder vun der Gemeng am Ofwaassersyndikat SIDERO. Déi vill Aufgabe maachen et spannend, well een a verschidde Beräicher matgestalte kann.

Wéi gesäit d'Gemeng Kielen an zéng Joer aus?

Vill nei Gesiichter, vill nei Infrastrukturen. Eis Gemeng ass ganz gutt opgestallt, an allen Hisiichten. Sport, Musek, eng Piscine, et gëtt net geschlof! An dann ass och d'Ëmgeungsstrooss fäerdeg. D'Liewensqualitéit wäert super sinn hei an der Gemeng, a fir all Bierger! Et ass wichteg, datt och an zéng Joer nach de Sënn fir Gemeinschaft erhale bleift an net jidderee just fir sech selwer bleift.

Dir sidd och berufflech staark engagéiert...

Ech si Schräinermeeschter an hu mech mat 25 Joer selbstänneg gemaach. Aus engem klengen Eemannbetrib ass no an no eng Firma mat 34 Mataarbechter ginn. Zäit huet een net, déi hält een sech fir déi Saachen, déi engem wichteg sinn. Ech hu geléiert, Verantwortung ze droen, a gesinn dat als eng gutt Basis och fir d'Gemengepolitik.

An et bleift och nach Zäit fir Hobbyen?

Ech fuere gäre Mountainbike, engersäits fir de Kapp fräi ze kréien, anersäits awer och fir ze gesi wat an der Gemeng lass ass. An da ginn ech och ee- bis zweemol an der Woch mat Kolleegen Petanque spillen, haaptsächlech am Summer. Dat gehéiert fir mech dozou: Sport a Gesellschaft, an esou kënnt och d'Gläichgewicht tëschent Aarbecht, Politik a Fräizäit net ze kuerz.



Existe-t-il des personnalités en politique qui vous ont impressionné ou influencé ?

Je pense à Luss Koch au niveau communal. Il a contribué à ce que j'adhère au parti, il m'a marqué, il a été comme une figure paternelle pour moi. Au niveau national, j'ai toujours trouvé que Jean-Claude Juncker était un grand homme politique. Il a toujours été direct et accompli de grandes choses pour notre pays. Son travail au niveau international est impressionnant, c'est évident.

Quels sont vos sujets de prédilection en politique ?

Je souhaite m'engager au niveau communal, pas au niveau national, parce que le temps me manque. Tout ce qui a trait au sport est important pour moi. Je me réjouis d'accompagner les chantiers de la commune. Je sais lire des plans et je pense que c'est une compétence qui profitera à notre équipe. L'intégration des nouveaux arrivants dans notre commune me tient également à cœur. Autrement, nous risquons d'être dépassés par la croissance. Il est important que chacun se sente bien dans notre commune.

Je suis secrétaire de la commission consultative communale de la circulation et de la mobilité douce, membre de la commission consultative communale des sports, de la commission consultative communale de l'environnement et de l'énergie et du groupe jumelage. Je représente également la commune au sein du syndicat SIDERO. Ces nombreuses tâches rendent mon mandat intéressant, je peux contribuer à un grand nombre de thématiques.

À quoi ressemblera la commune de Kehlen dans dix ans ?

Beaucoup de nouveaux visages, beaucoup de nouvelles infrastructures. Notre commune est bien préparée, à de nombreux égards. Sports, musique, une piscine, on ne roupille pas à Kehlen ! Le contournement sera finalisé d'ici-là. La qualité de vie sera formidable dans la commune, pour tous les citoyens ! Il est important que, dans dix ans, le sentiment communautaire reste vivant et que l'on ne tombe pas dans le chacun pour soi.

Au niveau professionnel, vous êtes très engagé aussi...

Je suis maître menuisier et je me suis lancé à mon compte, à l'âge de 25 ans. J'ai commencé tout seul et aujourd'hui, nous sommes une entreprise de 34 collaborateurs. Le temps, on n'en a pas vraiment, il faut donc le prendre. Il faut décider quelles choses comptent vraiment. J'ai appris à assumer des responsabilités, je pense que c'est une bonne base pour faire de la politique au niveau communal.

Est-ce qu'il vous reste du temps pour vos loisirs ?

J'aime pratiquer le vélo tout-terrain, pour décompresser, mais aussi pour voir ce qui se passe dans la commune. Et je joue à la pétanque avec des amis une à deux fois par semaine, surtout en été. C'est important pour moi : le sport et la convivialité. C'est ainsi que je trouve le juste équilibre entre le travail, la politique et les loisirs.

Kevin Urbing
en privé

Kevin Urbing est né à Nospelt, a 40 ans et une fille âgée de 12 ans. Il est maître menuisier et s'est lancé à son compte à l'âge de 25 ans. Aujourd'hui, il est à la tête d'une entreprise qui compte 34 collaborateurs. Pendant longtemps, il a été actif au sein de clubs et d'associations (FC Kehlen et pompiers de Kehlen), mais il a dû renoncer à ces engagements, par manque de temps, au moment où il a commencé à s'engager en politique. Il joue à la pétanque avec ses amis une à deux fois par semaine et aime pratiquer du vélo tout-terrain.



Amicale CIS Kehlen

Rédaction **Claude Adam** Photo **Pit Bodson**

Die Amicale CIS Kehlen sieht sich vor allem als Unterstützer des Centre d'Incendie et de Secours Kehlen. Ein besonderes Augenmerk des Vereins liegt auf der Jugendarbeit sowie der Förderung des Zusammenhalts und des Wohls der Mitglieder.



EINE ZUVERLÄSSIGE STÜTZE FÜR DAS CIS KEHLEN

Im September 2012 schlossen sich die Feuerwehrcorps Kielen/Ollem, Nouspelt und Keespelt/Meespelt zusammen. Seit Januar 2013 treten sie gemeinsam als Corps des Sapeurs-Pompiers de la Commune de Kehlen auf. Das Komitee bestand anfangs ausschließlich aus aktiven Feuerwehrleuten. Die große Reform des Rettungswesens 2018 brachte wichtige Neuerungen und eine Statutenänderung. 2019 wurde schließlich die Amicale CIS Kehlen asbl offiziell ins Leben gerufen.

Die Amicale versteht sich seither als verlässliche Stütze des Centre d'Incendie et de Secours (CIS) Kehlen. Nach jeder Übung gibt es einen Umtrunk (getragen von der Amicale). 2025/26 wird auf Wunsch der Mitglieder in einen Fitnessraum investiert. Sportliche Aktivitäten haben auch beim CGDIS einen hohen Stellenwert. Ein besonderer Schwerpunkt liegt auf der Jugendarbeit: Jährlich wechseln mehrere Nachwuchskräfte in den aktiven Dienst – für Präsident Daniel Broden ein sichtbarer Beweis für den Erfolg des Vereins. Ebenso wichtig sind der Zusammenhalt, die Kameradschaft und das Wohl aller Mitglieder, was sich in zahlreichen gemeinschaftlichen Aktivitäten widerspiegelt.

REGES VEREINSLEBEN

Mittlerweile gibt es feste Termine im Vereinskalendar: Alle zwei Jahre lädt die Amicale zur großen Porte ouverte beim CIS Kehlen ein – das nächste Mal am 10. Mai 2026. Hinzu kommen das festliche Neujahressen für die Aktiven mit Partnern, die 1.-Mai-Feier zugunsten der Jugendfeuerwehr, das gesellige Sommerfest für alle Mitglieder sowie beliebte Ausflüge, zuletzt 2025 in den Europa-Park. Selbstverständlich ist die Amicale auch bei offiziellen Gemeindeanlässen wie Nationalfeiertag oder der Journée commémorative präsent.



Sogar über die Grenzen hinaus pflegt der Verein Verbindungen und belebt die Partnerschaft der Gemeinden Kehlen (L) und Meckenbeuren (D). Die Amicale pflegt enge Kontakte zur Feuerwehr Meckenbeuren (Abteilung Kehlen), gegenseitige Besuche und ein herzlicher Austausch machen diese Freundschaft zu etwas Besonderem. Die Mischung aus attraktiven Veranstaltungen, engagierter Jugendarbeit und enger Zusammenarbeit mit den Rettungskräften begeistert alte wie neue Mitglieder. So bleibt der Verein dynamisch, lebendig und gut gerüstet für die Zukunft.

KNIDDELEN FÜR ALLE

Ein weiteres Erfolgsevent ist der jährliche „Kniddel Owend“, der sich nach seiner Entstehung während der Corona-Pandemie vom Take-away zu einem echten Publikumsmagneten entwickelt hat. Heute genießen die Gäste aus Kehlen und Umgebung hausgemachte Kniddelen in vier köstlichen Varianten – jeder Gast kann alle Varianten probieren, ohne Aufpreis! Nächster Kniddel Owend am 15. November 2025!

Die erfolgreiche Veranstaltung ermöglicht es dem Verein, wichtige Projekte zu finanzieren, und zeigt zugleich die große Verbundenheit der Bevölkerung. Auch der jährliche Spendenaufruf findet breiten Anklang – ein wunderbares Zeichen der Wertschätzung für die Rettungskräfte.



L'amicale CIS Kehlen se voit surtout comme une association qui apporte un soutien au Centre d'incendie et de secours de Kehlen. L'association accorde une attention particulière au travail auprès des jeunes ainsi qu'à la cohésion et au bien-être de tous ses membres.

UN SOUTIEN SOLIDE POUR LE CIS DE KEHLEN

En septembre 2012, les corps de pompiers de Kehlen/Olm, Nospelt et Keispelt/Meispelt ont fusionné. Depuis janvier 2013, ils forment ensemble le Corps des Sapeurs-Pompiers de la commune de Kehlen. Au départ, le comité était composé exclusivement de pompiers actifs. Puis, en 2018, la grande réforme des services de secours a apporté d'importants changements, notamment une modification des statuts. En 2019, l'Amicale CIS Kehlen asbl a été officiellement constituée.

Depuis lors, l'Amicale se voit comme une association qui apporte un soutien solide au Centre d'Incendie et de Secours (CIS) de Kehlen. Après chaque entraînement, l'Amicale offre un verre de l'amitié. En 2025/2026, à la demande de ses membres, l'association a investi dans une salle de fitness. Les activités sportives revêtent également une grande importance pour le CGDIS. Une attention particulière est accordée au travail auprès des jeunes. Chaque année, plusieurs jeunes recrues s'engagent activement auprès de l'Amicale. Selon

Mitglieder / Membres

50 aktive Feuerwehrleute, 25 Jugendfeuerwehrleute,
49 Veteranen, 25 weitere Mitglieder
50 pompiers actifs, 25 jeunes pompiers, 49 vétérans,
25 autres membres

Mitgliedsbeitrag / Cotisation

10€

Komitee / Comité

11 Mitglieder, die sich einmal im Monat treffen
11 membres, qui se réunissent une fois par mois

Kontakt / Contact

Daniel Bronden (Präsident/ Président)
Tel.: 691 325 406
E-Mail: ciskeh-amicale@list.cgdis.lu

Daniel Broden, le président de l'Amicale, cela montre le succès que rencontre l'association. La cohésion, la camaraderie et le bien-être de tous les membres sont tout aussi importants, ce qui se reflète dans les nombreuses activités communautaires.

UNE VIE ASSOCIATIVE ANIMÉE

Entretemps, le calendrier de l'association compte plusieurs événements récurrents: Tous les deux ans, l'Amicale propose une journée « portes ouvertes » au CIS de Kehlen. La prochaine édition se tiendra le 10 mai 2026. À cela s'ajoutent le repas festif du Nouvel An pour les membres actifs et leurs partenaires, la fête du 1er mai au profit des jeunes pompiers, la fête estivale conviviale pour tous les membres ainsi que des excursions très prisées, la dernière en date a été l'excursion au parc d'attractions Europa-Park en 2025. Bien entendu, l'Amicale est également présente lors des événements officiels de la commune, tels que la Fête nationale ou la Journée commémorative.

L'association entretient également des liens au-delà des frontières nationales, notamment le partenariat entre les communes de Kehlen et de Meckenbeuren (Allemagne). L'Amicale entretient des contacts étroits avec les pompiers de Meckenbeuren (section de Kehlen). Les visites réciproques et les échanges chaleureux rendent cette amitié particulière. Le mélange d'événements attrayants, de travail engagé auprès des jeunes et de coopération étroite avec les services de secours réjouit à la fois les anciens membres et les nouveaux membres. C'est ainsi que l'association reste dynamique, vivante et bien préparée pour relever les défis de l'avenir.

« KNIDDELEN » POUR TOUS

La soirée « Kniddel Owend », qui a vu le jour pendant la pandémie, est un autre événement très prisé. Si cette spécialité culinaire était surtout servie comme un plat à emporter pendant la pandémie, aujourd'hui, la soirée dédiée à ce mets est particulièrement appréciée. À l'occasion de la soirée « Kniddelen », les invités de Kehlen et des environs peuvent déguster des Kniddelen faits maison, déclinées en quatre variantes délicieuses – il est même possible de goûter toutes les variations sans payer de supplément! La prochaine édition se tiendra le 15 novembre 2025!

Le succès de cet événement permet à l'association de financer des projets importants et témoigne en même temps de la proximité qu'elle entretient avec la population. L'appel aux dons annuel rencontre également un large écho, ce qui est un merveilleux signe de reconnaissance envers les secouristes.

Aufruf zum Schutz unseres Grundwassers und zur ordnungsgemäßen Meldung bestehender Entnahmebohrungen und -brunnen, denn...

